## 03.11.1985 Trëppeltour duerch d'Duerf

50 Leit ongeféier haten sech afond fir en Tour duerch d'Duerf ze trëppelen. Jidderee krut e Plang vum Duerf mat deenen ale Nimm vun de Stroossen.

Mir gounge vun der Grott fort, iwwert d'Gare, d'Kossmanns-Bréck, d'Kräizkapell duerch d'Schleed, iwwert d'Bréck bei Fäipels, d'Stee erop, duerch d'Bieleschgaass, de Bouleschbierg erop, op de Wues, duerch d'Tramsgässel, d'Fëlschdrëfferstrooss aus, duerch d'Huelgass erof an d'Groussgaas, weider op d'Huuscht, an de Weiherchen, op d'Grouf, an d'Nuetsweed, zréck op de Kierchbierg.

An der Schoul hat an der Zwëschenzäit d'Madame Roger mat hire Gehëllef eis Glühwäin mat Bréidecher a waarme Wierschtecher fäerdeg gemat. 't huet jidferengem gutt geschmaacht. An interessantem Gespréich ass den Nomëtteg dann zu Enn gaang.

Loosse mer awer net vergiessen, e Wuert iwwert d'Wieder ze soen. Samschdes war et kal an naass, sonndes allerdéngs wat erëm dat schéinste Wieder, sou wéi mir esou gutt aus dem Oktober an Erënnerung haten. Eis Relatiounen no uewen musse net déi schlechst sinn.

---

## 26.10.1986 : 2. Trëppeltour

Nodeems d'Wieder laang schlecht war, huet fir eisen Trëppeltour d'Sonn geschéngt. Eisen Drot no uewen schéngt also nach ze funktionéieren.

70-80 Leit haten sech em 14.30 h bei der Grott afond.

Mir goungen de Bouleschbierg erop, iwwert d'Huuscht bis bei den ale Wäschbuer. Do huet de Sekretär Tremuth Fernand säin éischte Kommentar gemat.

2. Etapp : Duech de Weiherchen bis a Mecher.

3. Etapp : Iwwert d'Grouf an de Hobuer.

4. Etapp : Ënnert de Bësch bis bei d'Heedefeldchen.

5. Etapp : Duerch den Duelemerpad, de Géierwee zréck op d'Huuscht an an d'Schoul.

Op all Etapp goufe vum Sekretär Tremuth Fernand Kommentare gemat zur Geschicht vun deene Plazen.

An der Schoul haten d'Mme Roger, d'Mme Stark an d'Diane Steichen de Gkühwäin prett. 26 l goufe gedronk, 100 Wirschtecher a Bréidecher à 20.- Frang verkaaft.

Bis 7.00 h owes hunn déi lescht et asugehalen.

Kommentar vun eenzelne Leit : « Dat do misst ee méi dax maachen ! »

---

## 08.11.1987 : 3. Trëppeltour

Eng 90 Leit haten sech afond, fir un eisem 3. Trëppeltour deelzehuelen.

Départ 14.30 h bei der Grott no der Foto vum Kieffesch Menn.

Éischt Halt op der Bréck bei Fäipels.

Zweet Halt uewen op der Held.

Drëtt Halt beim Douaniershaischen.

Véiert Halt bei der éischter Statioun fir op de Kaaschtel.

Fënneft Halt um Kaaschtel.

Sechst Halt bei der Kräizkapell.

Lescht Halt an der Schoul bei Glühwäin a Bréidecher mat Wirschtecher (100 Stéck goung déi Kéier net duer !)

---

## 01.05.1988 : Trëppeltour vum 1. Mee

Fir d'éischte Kéier hu mir d'Organisatioun (an dat ganz kuerzfristeg) iwwerholl. Well deen 1. Mee och nach op e Sonndeg gefall ass, well deen Dag och nach d'1.-Mee-Feier vum L.C.G.B. zu Munneräf ofgehale gouf, entstungen eis eng Rei vun zousätzleche Problemer. En lesse konnt z.B. net organiséiert ginn, well de Bouler keng Plaz méi hat (L.C.G.B.).

Den Här tanson hat sech dofir awer och bereet erklärt, sech mat senge Leit (vum Munneräfer Bad) eisem Tour unzeschléissen.

Eng 50 Leit haten sech dann och afond, fir mat eis de Wee ze goen, deen den Hermes Patrick an de Wies Arsène erausgesicht haten : Altwis (Grott), Géierwee, Wouerbësch, Richtung Welfréng, Elléngen, Richtung Munneräf, duerch d'Wangeten erëm erop bei Wouer, Antenn, Kickeschbann, Altwis.

Zu Elléngen bei der Spillplaz stung de Michel Raguet mam René Putz bereet, fir Wirschtecher a Gedrénks ze servéieren (mir haten der genug ageluet).

D'Wieder beim Trëppeltour war ideal, net ze waarm, net ze kal, an dréchen.

---

## 06.11.1988 : 4. Trëppeltour

Fir déi véierte Kéier hu mir invitéiert op eisen Trëppeltour am Hierscht, en Tour, deen ëmmer méi beléift gëtt. Net manner wéi 110 Leit waren der Invitatioun nokomm a si mat eis duerch d'Kaz, Kickeschbann, Wouer, Bréim, Géierwee erëm zréck an d'Schoul gaangen. D'Wieder war ideal. Och de Schäffe Frank Zeimet mat senger Madame si matgetrëppelt.
Ënnerwee gouf et e Kommentar iwwer Wis, seng Leit, seng Geschicht a seng Ëmgéigend vum Schoulmeeschter Tremuth Fernand gemat.

An der Schoul hu mer dann de Leit gratis Glühwäin (30 l) a Wirschtecher (150 Stéck) offréiert. Eng gemittlech Poterstëndchen huet dee flotten Nomëtteg ofgeschloss.

## 01.05.1989 : Trëppeltour vum 1. Mee

Fir d'zweet Joer hunn d'Wiisser Leit et iwwerholl, den Trëppeltour vum 1. Mee ze organiséieren.

Schonn um 8 Auer hu mer (Raguet Michel a Tremuth Fernand) Gedrénks op Fëlschdrëff an d'Scheier vun der Famill Wildgen gefouert.

D'Foto hu mer dëst Joer an der Kierchentrap gemat wéinst den Aarbechten an der Victor-Hugo-Strooss.

Eng 90 Leit haten sech afond, fir den Tour (erausgesicht a preparéiert vum Wies Arsène a Schmit Armand) ze goen : Grott, Bouleschbierg, Fëlschdrëfferstrooss, Keeler, hannert d'Carrières Feidt, Réimerwee, Haaptstrooss, beim 1. Haus riets an de Bësch, iwwert e schmuele Pad op Fëlschdrëff erop. Do eng kuerz Gedrénkspaus. Weider duerch de Stengegerbësch, laanscht den Tipp, duerch d'Sank, d'Grouf, de Weiherchen bis bei de Bouler.

Ze begréissen ass, dass méi wéi $^{1}/_{3}$ vun de Participantën Wiisser waren.

Beim  Bouler hunn d'Wiisser Leit dann den Aperitif offréiert fir all déi, déi matgaange sinn.

D'Leit haten och d'Méiglechkeet fir sech fir d'Mëttegissen beim Bouler unzemellen. Präiss : 400.- Frang fir Erwuessener an 200.- Frang fir Kanner. Menu : Zopp, Paschtéit, Fritten, Zalot.

79 Erwuessener an 11 Kanner (dovun och eng Rei, déi net mat op den Tour waren) hu vun deer Gelegenheet profitéiert.

## 05.11.1989 : 5. Trëppeltour

Eis éischt Organisatioun, déi an d'Waasser gefall ass (et huet kräfteg gereent) an trotztrotzdem e schéine Succès gouf : net manner wéi 35 Leit hunn sech em halwer dräi bei der Grott afond. Op eis Fro : Gi mer den Tour oder gi mer direkt op de Glühwäin lass ? krute mer eng kloer Äntwert : Mir si komm, fir den Tour ze goen !

Éischten Arrêt war gläich bei der Grott, deen 2. om Dierbelt (wou dat zweet Greeffkräiz soll restauréiert ginn), deen 3. op der Dresch. E véierten bei Hänkes an der Bieleschgaass hu mer wéint deem schlechte Wierder fale gelooss.

Kommentar, wéi gewinnt, vum Schoulmeeschter Tremuth Fernand. Iwwert deen neien Duerfkäer goung et dann an d'Schoul, wou d'Stark Marcelly eis de Glühwäin preparéiert hat. Fir déi « Onerschütterlech » ze belounen a fir eise Saache lasszeginn, hu mer alles fir näischt offréiert.

Eng Rei aner Leit hunn sech och nach afond, éier de Kiefesch Mann eng Foto gemaach huet.